St. Willibrord Äischdall-Helpert

Parbréif

fir d'Par
Äischdall-Helpert
St. Willibrord

Wochen vum 20. Januar bis den 2. Mäerz 2025
N° 1/25 – Jg 8

Kathedral vu Lëtzebuerg am Wanter
Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

LIU·JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
MICHAEL KORS

AERONAUTICA MILITARE

www.maxpoint.lu

- 13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
- Tél : 39 93 61

- Nonnemillen Center
- 121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
- Tél : 26 72 08 90

bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

Pastoralekipp
Equipe pastorale

Parzenter – Centre paroissial

61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

☎ 20 80 02 60 **aischdall-helpert@cathol.lu**

Bürosstonnen:
freides vun 13 bis 17 Auer

(oder iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer	☎ 26610403	joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon	☎ 20800260	jos.halsdorf@cathol.lu

Telefon am Noutfall: ☎ 621966429
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
14. Februar 2025 um 12 Auer!

Parbréif 1/25 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 2/25 geet vum 3. Mäerz bis den 13. Abrëll 2025

Impressum:
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

https://cathol.lu/aischdall-helpert

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Pilger vun der Hoffnung

Gedanken zum Hellege Joer 2025

Op Hellgerowend huet de Poopst Franziskus d'Helleg Paart vum Péitersdoum am Vatikan opgemaach an d'Hellegt Joer 2025 agelaut, ënnert dem Thema „Pilger vun der Hoffnung". Den 12. Januar dëst Joer ass an eiser Diözees d'Hellegt Joer ugefaange ginn.

Wat ass een Hellegt Joer?

D'Hellegt Joer ass ee Jubiläumsjoer an der kathoulescher Kierch. Et gëtt regulär all 25 Joer gefeiert. Biblescht Virbild ass d'Jubeljoer[1] am Buch Levitikus am Aalen Testament. Dat éischt Hellegt Joer gouf 1300 vum Poopst Bonifatius VIII. (1294-1303) ausgeruff. Ursprünglech als Jorhonnertereegnis geduecht gouf et fir d'éischt am Ofstand vu 50 an da vun 33 Joer widderholl. De Rhythmus vu 25 Joer besteet säit 1470. Am Jubiläumsjoer 2000 koumen ronn 25 Millioune Pilger a Visiteuren op Roum.

Zentral Elementer vum Hellege Joer goufen d'Roumwallfaahrt, d'Helleg Paart an den Ablass. Zum Ritual huet d'Visite vu bestëmmte Kierchen zu roum gehéiert. Haut gehéieren aacht Pilgerplazen dozou, dorënner de Péitersdoum, d'Lateranbasilika (déi jo d'Bëschofskierch vu Roum ass), d'Paulusbasilika, d'Basilika Santa Maria Maggiore an d'Katakomben.

Viru 1700 Joer huet dat éischt Ökumenescht Konzil vu Nizäa stattfonnt.

Am Joer 2025 erënnere sech d'Chrëschte weltwäit sech och un dat éischt Ökumenescht Konzil, dat viru 1700 Joer am Joer 325 zu Nizäa an der heiteger Türkei stattfonnt huet. All d'Bëscheef aus der deemols

[1] Lev 25.

chrëschtlecher Welt hu sech op Invitatioun vum Keeser Konstantin hi getraff, fir iwwer d'Grondlagen vum nach jonke chrëschtleche Glaawen ze berooden an ze beschléissen. Nach haut bilden d'Beschlëss vun dësem Klonzil d'Ankerpunkten vun der chrëschtlecher Theologie. Sou hunn d'Konzilspäpp iwwer Themen wéi ee gemeinsamen Ouschterfestdatum berooden, hunn de Grondstee geluecht fir dat heitegt Verständnis vun der Dräifaltegkeet. Datt mer haut Gott an dräi Persounen éieren, huet entscheedend mat de Beschlëss vum deemolege Konzil ze dinn.

Nët zulescht huet dëst Konzil de Grondstee geluecht fir dat Grousst Glawensbekenntnis (den Text vum heitege CREDO), dat beim Konzil vu Konstantinopel 381 seng haut ëmmer nach vill gebrauchte Form kritt huet. Et ass ee Glawensbekenntnis, daat mer zesummen bieden a bekenne kënnen. Duerfir och een Opruff un eis Chorallen, datt mer dëst Glaawensbekenntnis mol erëm méi oft sangen (de laténgesche Credo), och wäerte mer an dësem Jubiläumsjoer dësen Text och aneise Massen erëm méi oft bieden.

Zwee Jubiläumen déi mer feieren. Als Pilger si mer um Wee, als Pilger vun der Hoffnung si mer um Wee. Dat wënschen ech äis all

Abbé Joël Santer
Paschtouer

Gottesdéngschtuerdnung

fir d'Wochen vum 9. Dezember 2024 bis den 19. Januar 2025

Vum 18. bis 25. Januar gët d'Gebiedswoch
fir d'Eenheet vun de Chrëschten gefeiert mam Thema:
„Glaubst Du das?" (Joh 11,26)

Méindeg, 20.01.25 Hl. Sebastian (+ ëm 250)
Niewepatréiner vun der Kierch vu Simmer

15:30 **Téinten:** Begriefnismass mat Begriefnis fir Paul Hirtz.

Dënschdeg, 21.01.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Fernand Hauer.

Mëttwoch, 22.01.25 (Hl. Vinzenz, +304)

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 23.01.25 (Sel. Heinrich Seuse, + 1366)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Jean Hahn.

Freideg, 24.01.25 Hl. Franz vu Sales, + 1622

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Paul Reiter.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer)

Samschdeg, 25.01.25 **Fest vun der Bekéierung vum hl. Paulus**

10:30 **Béiwen:** Mass als 6. Wochemass fir eise fréiere Paschtouer Charles Guill.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-4).

3. Sonndeg am Joreskrees C

Wuert-Gottes-Sonndeg

Leprasonndeg

Samschdeg, 25.01.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 3. Wochemass fir Jean-Marie Bock / fir Jean a Colette Zimmer-Kellen.

Sonndeg, 26.01.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M2).

10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2 & CATE-3).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir déi Liewend a Verstuerwe vun der Famill Ries-Kremer / fir d'Verstuerwen vun der Famill Birkel-Hartert.

11:45 **Bruch:** Kannermass op eng perséinlech Meenung (JS).

16:00 **Äischen:** Daffeier fir Alessio Sanelli.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer.

Kollekt fir déi Leprakrank (Fondatioun „Raoul Follereau")!

Méindeg, 27.01.25 (Hl. Angela Merici, + 1540)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M3).

Dënschdeg, 28.01.25 Hl. Thomas vun Aquin, + 1274

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M4).

Mëttwoch, 29.01.25

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 30.01.25

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Mass fir Barbara Hottua.

16:00 **Äischen:** Aweiung vun enger Gedenkplack fir d’Affer vum Massaker vu Sonnenburg virun der Kierch.

16:15 **Äischen:** National Erënnerungszeremonie fir d’Affer vum Massaker vu Sonnenburg (Slonsk, Polen).

Mat dëser Commémoratioun, déi ee nationale Charakter huet, gëtt un d’Schicksal vun deene **99 jonke Lëtzebueger Zwangsrekrutéierten** erënnert, déi als veruerteelten Affer vun der Nazi-Justiz an der Nuecht vum 30. Op den 31. Januar 1945 am Prisong vu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen) brutal vun engem SS-Sonderkommando erschiss goufen.

Ënnert hinnen déi Äischener Jongen Jean-Paul Bernardy a Nicolas Pierret an de Simmer Jong Jean-Pierre Koster.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d’Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 31.01.25 Hl. Giovanni Bosco, + 1888

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M5).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

18:30 **Äischen:** Mass als 6. Wochemass fir Marie-Thérèse Jacquemin-Schlim.

Samschdeg, 01.02.25

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-Bambini).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).

4. Sonntag am Joreskrees C

Fest vun der Duerstellung vum Jesus am Tempel

Liichtmessdag

Kannermissiounssonndeg

Samschdeg, 01.02.25

18:00 **Biissen:** Virowendmass mat Seene vun de Käerzen als 4. Wochemass fir Jean-Marie Bock / fir Gusty a Marechen Adam-Winandy.
Uschléissend gëtt de Blasius-Halsseegen erdeelt!

Sonndeg, 02.02.25

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass mat Seene vun de Käerzen als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Debank-Faber.
Uschléissend gëtt de Blasius-Halsseegen erdeelt!

10:30 **Bruch:** Houmass mat Seene vun de Käerzen op Meenung fir d'Par / 6. Wochemass fir Alice Feller.
Uschléissend gëtt de Blasius-Halsseegen erdeelt!

11:45 **Bruch: Familljemass** mat Seene vun de Käerzen an de Liichtebengelcher, op eng perséinlech Meenung (JS).
Uschléissend gëtt de Blasius-Halsseegen erdeelt!
D'Kanner sinn haut invitéiert, hier Liichtebengelcher matzebréngen.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).
Kollekt fir d'Kannermissiounswierk!

No de Masse kënne geseente Käerzen matgeholl ginn. Et handelt sech dobäi ëm déi sougenannte „Liichtmesskäerzen" mat den Hellegebiller drop.

Haut ass de 34. Joresdag vun der Bëschofswei vum Mgr Fernand Franck, fréieren Äerzbëschof vu Lëtzebuerg. Am Gebied wëlle mer un hiën denken.

Méindeg, 03.02.25 (Hl. Blasius, + ëm 316 / hl. Ansgar, + ëm 865)

09:00 **Téinten:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Bisenius.
Uschléissend gëtt de Blasius-Halsseegen erdeelt!

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 04.02.25 (Hl. Rabanus Maurus, + 856)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir d'Vestuerwen vun der Famill Zoller-Schommer (Ka).

Mëttwoch, 05.02.25 Hl. Agatha, + ëm 250

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 06.02.25 Hl. Paul Miki & Gefährten, + 1597

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir Marguerite Weis.

18:30 **Bëschdref:** Mass fir Marthe Boudler.

Freideg, 07.02.25 Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz Jesu, als Stëftung fir Wohltäter vun der fréierer Par Sëll (Sa).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10 Auer).

Samschdeg, 08.02.25 (Hl. Hieronymus Ämiliani, + 1537 & Hl. Josefine Bakhita, + 1957)

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Ayveb Costa Teles.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).

5. Sonntag am Joreskrees C

Samschdeg, 08.02.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass als 5. Wochemass fir Jean-Marie Bock.

Sonndeg, 09.02.25
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Jean an Anna Scholer-Schiltz a fir Erny Scholer.
10:00 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-2 & CATE-3).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / 3. Joermass fir Anna Schartz-Koedinger.
11:45 **Bruch:** Kannermass op Meenung (JS).
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).
Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!

Méindeg, 10.02.25 Hl. Scholastika, + 547
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M6).

Dënschdeg, 11.02.25 **Muttergottes vu Lourdes**
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vun der Muttergottes vu Lourdes, fir all Krank.

Mëttwoch, 12.02.25
17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 13.02.25
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Jos Einsweiler.
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 14.02.25

Fest vun den hellegen Cyrill & Methodius
Schutzpatréiner vun Europa

Hl. Valentin (Välten) vun Terni, + 269

Niewepatréiner vun der Kierch vu Béiwen/Atert

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



Foto: Romain Kleer / intranet.cathol.lu

6. Sonndeg am Joreskrees C

Äussert Niewepatronatsfest vun der Kierch vu Béiwen

Samschdeg, 15.02.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Jean-Marie Bock.

Sonndeg, 16.02.25
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir Wohltäter (Si).
10:30 **Béiwen/Lëtschert:** Wuertgottesdéngscht zur Éier vum hellege Välten mat Seene vun de Kënnbaken.
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir eise fréiere Paschtouer Charles Guill (bestallt vum „Sängerbond Bruch").
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!

Den hellege Välten (Valentin) gëtt als Beschützer vun de Schwäin an eise Géigende veréiert. Besonnesch veréiert gouf hiën zu Béiwen/Atert, Bauschelt, Boukels, Pärel, Rammerech, Saassel a Stadtbredimes, wou oft gereechert Schwéngskäpp oder -kënnbaken geaffert goufen, fir sech de Schutz vum hellege Välten ze sécheren. Duerno goufen dës fir ee gudden Zweck versteet.

Zu Béiwen/Atert huet den hellege Välten an der Vergaangenheet eng grouss Veréierung genoss, esou datt eis Virfaahren beim Bau vun der jetzeger Kierch am Joer 1853, déi ënnert dem Patrozinium vun der Gebuert vu Maria steet, den hellege Välten als zweete Schutzpatréiner (Niewepatréiner) auserwielt hunn. Seng Statue steet an der Kierch riets vum Chouerraum an erënnert un dës grouss Veréierung vum hellege Välten als Schutzpatréiner vun de Schwäin, déi am landwirtschaftleche geprägten Duerf deemols héich gehale gouf.

Duerfir ee grousse Merci un de Béiwener Männerchouer, deen dës schéin Traditioun oprechterhällt!

Méindeg, 17.02.25 (Hll. 7 Grënner vum Servitenuerden, + 13./14. Jht)

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Dënschdeg, 18.02.25 (Hl. Bernadette Soubirous, + 1879)

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Mëttwoch, 19.02.25

17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg, 20.02.25

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Virun 347 Joer, den 20. Februar 1678, gouf d'Maria, d'Tréischterin am Leed, zur Patréinesch vum Herzogtum Lëtzebuerg erwielt.

Foto: Guy Wolf, Luxemburger Wort / intranet.cathol.lu

Freideg, 21.02.25 (Hl. Petrus Damiani, + 1072)

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

7. Sonndeg am Joreskrees C

Samschdeg, 22.02.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (JS).

Sonndeg, 23.02.25 **Hl. Celsus vun Tréier**
Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (JS).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir déi Liewend a Verstuerwe vun der Famill Ries-Kremer.
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).
Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!

Méindeg, 24.02.24 **Fest vum hellegen Apostel Matthias**
Haaptpatréiner vun der Parkierch vu Bruch
Niewepatréiner vun der Kierch vun Äischen
09:00 **Lëtzebuerg/Centre Jean XXIII:** Bëschofsmass fir de Priesterrot.
18:30 **Bruch:** Festmass zur Éier vum hellege Matthias, op Meenung (M7).

Dënschdeg, 25.02.24 (Hl. Walburga, + 779)
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M8).

Mëttwoch, 26.02.25
17:30 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

Donneschdeg 27.02.25 (Hl. Gregor vun Narek, + ëm 1003)
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz "Am Park":** Mass fir Marguerite Neumann.

Freideg, 28.02.25
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M9).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 01.03.25 **Hl. Albinus, + ëm 554**

Niewepatréiner vun der Parkierch vu Bruch

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Katechees (CATE-1).

8. Sonndeg am Joreskrees C

Äussert Niewepatronatsfest vun der Kierch vun Äischen (kleng Kiermes)

Fuesend

Samschdeg, 01.03.25
18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Paul Dasbourg / fir Maria Hoffmann.

Sonndeg, 02.03.25
09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass zur Éier vum hellege Matthias, fir d'Verstuerwen vun der Famill Reding-Goerend.
10:30 **Bruch:** Houmass zur Éier vum hellege Matthias, op Meenung fir d'Par.
11:45 **Bruch:** Kannermass fir d'Fuesend, op Meenung (JS).
Jiddereen, Grouss a Kleng, däerf haut verkleed an dës Mass kommen
16:30 **Säll:** Concert ënnert dem Thema: „Ave Maria – 400 Joer Oktav" (Org. „Chorale Ste-Cécile Säll").
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

Kollekt fir de Finanzement vun eise Kierchen an eiser Par!

Aus eiser Par:

- Et besteet dee flotte Brauch, Wunnengen oder Haiser aseenen ze loossen. Mellt Iech duerfir am Parsekretariat (Tel.: 20800260).
- Gäre komme mir bei déi Krank heem fir een Hausbesuch, oder och fir d'Krankekommioun, d'Krankesalbung oder d'Krankebeicht. Zéckt nët, bei eise Geeschtlechen oder am Parsekretariat no engem Rendez-Vous ze froën.
- Massintentiounen kënne bestallt ginn am Parsekretariat zu Bruch oder duerch Iwwerweisung op eise Massekont (LU31 1111 2577 0270 0000).
- Zu Sëll huet eis Muttergottesstatue alles geklaut kritt: Krounen, Zepter, Schlëssel an Häerz. Et wier schéin, wa mer hier erëm alles besuerge kéinnten an datt d'Statue nees komplett wier. Dat geet awer nët ouni Är Hëllef: hëlleft äis mat engem Don op de Konto vun der FE027 (Kierchefabrick Sëll): LU32 0090 0000 2025 0601.
- Zu Biissen ass den Daach vun der Wobiergskapell an engem schlechten Zoustand, a misst (laut Devis) fir baal 75.000 € reparéiert ginn. Well de Kierchefong (d'Kierchefabrick Biissen) dës Suën nët huet, musse mer relativ séier dës Somme opbréngen (d'Wobiergs-kapell gehéiert dem Kierchefong), ausserhalb vum normale Budget. Duerfir een Opruff un déi Biisser Duerfleit, un d'Rouchifrënn, fir dëst Joer dës Somme opzebréngen. De CGP, an Zesummenaarbecht mat der Biisser Kierchefabrick an dem nationale Kierchefong, versicht och, an deene kommende Méint säin Deel dozou bäizedroën. Donen kënnen iwwerwise ginn op de Konto vun der FE025 (Kierchefabrick Biissen): LU04 0019 3400 0024 8000 a si steierlech ofsetzbar! D'Zukunft vun der Wobiergskapell läit an eiser Hand. Si ass ee Stéck Duerfgeschicht, an eist Häerz hänkt un hier. Zanter 1636 steet si um Wobierg an ass ee Wahrzeechen vun eisem Duerf.

Relatio Anni 2024

Aus de Parregësteren

1. Duerch d'Sakrament vun der Daf goufen 37 nei Chrëschten an eis chrëschtlech Pargemeinschaft opgeholl:

Äischen:	8	Bruch:	14
Béiwen/Atert:	1	Habscht:	4
Bëschdref:	2	Sëll:	2
Biissen:	3	Téinten:	3

2. 24 Kanner aus eiser chrëschtlecher Pargemeinschaft hunn d'Sakrament vun der Eucharistie (feierlech Éischtkommioun) eng éischte Kéier feierlech empfaangen an der Parkierch zu Bruch, den 13. Abrëll 2024.

3. 11 jonk Mënschen aus eiser chrëschtlecher Pargemeionschaft hunn d'Sakrament vun der Firmung duerch de Mgr Leo Wagener, Weibëschof zu Lëtzebuerg, empfaangen an der Parkierch zu Bruch, de 9. November 2024.

4. 4 Koppelen si vereenegt ginn duerch d'Sakrament vum Bestiednis:

Äischen:	1
Biissen:	1
Bruch:	1
Téinten:	1

5. 60 Chrëschten sinn an eiser Pargemeinschaft zréckgaangen an d'Éiwegkeet bei Gott, mam Seegen vun der Kierch (hei sinn nëmmen déi vermierkt, déi an eisen Dierfer eng kierchlech Begriefniszeremonie haaten):

Äischen:	13	Habscht:	5
Béiwen/Atert:	2	Huelmes:	1
Bëschdref:	1	Kaalmes:	1
Biissen:	12	Sëll:	4
Biissen (Bëschkierfecht)	6	Simmer:	4
Bruch:	8	Téinten:	3

6. Op hieren eegene Wonch hunn hu 5 Chrëschte gefroot, fir aus der kathoulescher Kierch offiziell auszetrieden:

Bëschdref:	1	Bruch:	1
Biissen:	1	Habscht:	1

Am Total haate mer fir d'Joer 2024: 140 Inscriptiounen!

Am Vergläich:

	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023	2024
Dafen:	61	70	56	29	50	61	44	37
Éischtkommioun:	81	52	38	0	46	41	29	24
Firmung:	4	23	28	0	14	0	0	11
Hochzäiten:	10	7	10	1	4	9	4	4
Begriefnisser:	52	61	62	51	60	58	60	60
Austrëtter:	0	5	4	3	3	6	7	5

Firmung 2026

D'Sakrament vun der Firmung ass eng wichteg Etapp am Liewe vun engem Chrëscht. Et bedeit fir dee jonke Chrëscht, säi perséinleche Glawen nei ze entdecken an ze verdéiwen. Dowéinst ass d'Virbereedung op d'Firmung ee wichtege Schratt um Glawenswee. Mat der Firmung (nodeems een d'Daf an d'Kommioun empfaangen huet) huet de Chrëscht déi dräi „Initiatiounssakramenter" empfaangen, gët an der Kierch also „groussjähreg". Duerfir gët duerch d'Salbung mam Chrisam d'Gow vum Hellege Geescht, déi ee bei der Daf kritt huet, besigelt a bestätegt, ee fir allemol. A vun dësem Geescht soll sech de Chrëscht a sengem Liewen, awer och an der Gemeinschaft vun der Kierch leede loossen.

Wichteg Bemierkung:

- De Firmkandidat soll virum 31. Dezember 2011 gebuer sinn;
- Als mündege Chrëscht soll een zesummewuessen an d'Kierch ganz konkret erfueren. Duerfir ass et wichteg, aktiv un de Virbereedungen deelzehuelen;
- Selbstverständlech gehéiert dozou och daat reegelmässegt Matfeieren vun der Sonndesmass.

D'Firmvirbereedung, déi sech iwwer ee Joer streckt, fänkt un, wa mer genuch Kandidaten fir ee Grupp zesumme kréien.

Umeldungen ginn entgéintgeholl am Parsekretariat (aischdall-helpert@cathol.lu).

Eréischt, wa mer ee Grupp op d'Bee gestallt hunn, kënne mer plangen, mat der Virbereedung ufänken an een Termin am Bistum fir d'Firmung ufroen!

In memoriam Abbé Charles GUILL

Den 11. Dezember 2024 ass an der Stad den Abbé Charles Guill am Alter vun 93 Joer gestuerwen, als den eelste Geeschtlechen vun eiser Äerzdiözees. Gebuer gouf hiën den 3. September 1931 an der Stad, am Stater Quartier Hollerech ass hië opgewues. No senger Seminärszäit um Lampertsbierg gouf hiën am Joer 1957 vum deemolege Bëschof Mgr Léon Lommel an der Kathedral zum Priester geweit. Vu 1957 bis 1967 war hië Kaploun am Neiduerf, vun 1967 bis 1970 war hië Kaploun zu Rolleng an zu Schëndels, eerent hiën de 6. September 1970 als Paschtouer zu Béiwen op der Atert installéiert gouf. Siiwenanzwanzeg Joer (1970 bis 1997) war hië Paschtouer zu Béiwen/Atert, anzugläich Parverwalter vu Bëschdref a Bruch (déi vakant waren) an huet am Paschtoueschhaus zu Béiwen/Atert gewunnt, eerent hiën an d'Mandelbaach op Bruch geplënnert ass, wou hië bis zum Schluss gewunnt huet. Nodeems hiën 1997 seng Pensioun geholl huet, huet hiën nach siiwe Joer (bis 2004) all pastoral Déngschter zu Béiwen, Bëschdref a Bruch geholl, bis ee neie Paschtouer fir dës Paren am Joer 2004 ernannt gouf. De Läichendéngscht war de 14. Dezember an der Parkierch zu Miersch, duerno gouf hiën zu Hollerech um Kierfecht begruewen. Mir sinn him immens dankbar fir alles, wat hië fir eis fréier Pare Béiwen/Atert, Bëschdref a Bruch gemaach huet, a behaalen hiën a beschter Erënnerung!

D'PAR „ÄISCHDALL-HELPERT ST-WILLIBRORD"
ZESUMMEN MAT HIEREM PASCHTOUER
AN DER GANZER PASTORALEKIPP

trauert ëm den

Abbé Charles GUILL

Paschtouer zu Béiwen/Atert vu 1970 – 1997,
zugläich Parverwalter zu Bëschdref a Bruch (Miersch)

Während siiwenanzwanzeg Joer huet eise Verstuerwenen an de fréiere Paren Béiwen/Atert, Bëschdref a Bruch gewierkt, a sech fir eis Kierchen an de Site vum Helperknapp agesaat. Déi dräi Kierchen goufen ënnert him restauréiert a kruten eng Päifenuergel. Seng pastoral Wäitsiicht huet och d'Zesummeschaffen an deenen dräi B-Dierfer rondrëm den Helperknapp gefördert fir eng zukunftsorientéiert Kierch opzebauen. No senger wuelverdéngter Pensioun huet hiën nach weider siiwe Joer an eise fréiere Pare gewierkt, an däer hië bis zum Schluss geliewt huet.

Eng Mass fir eise fréiere Paschtouer feiere mer a senger fréierer Kierch Mariä-Gebuert zu Béiwen/Atert, e Samschdeg, de 25. Januar 2025, um 10:30 Auer.

Der Famill an der Trauer drécke mer eist chrëscht-lecht Bäileed aus.

In memoriam Jean-Marie BOCK

Erféiert ware mer, wéi et den 28. Dezember 2024 geheescht huet: „de Jean-Marie ass gëschter gestuerwen.“ Domatter hätt kee gerechent: vill ze fréi ass hiën am Alter vu 47 Joer zu Koblenz an enger Klinik gestuerwen. Nach véierzéng Deeg virdrunn, de 14. Dezember, huet hiën d'Virowendmass zu Biissen op der Uergel gespillt. Gebuer gouf hiën den 28. Abrëll 1977 an der Stad. Opgewuess um Rouscht als „Biisser Jong“ ass hiën an d'Fousspueren vu senger Mamm getratt, déi laang Joren Spillschoulsjoffer zu Biissen war, a gouf ab dem Joer 2000 Schoulmeeschter zu Biissen. Sportlech aktiv war hiën am Biisser Dëschtennis. Seng grouss Leidenschaft war awer d'Musek. Sou war hië Member vun der „Maîtrise Ste-Cécile“ vun eiser Kathedral an der Stad, Grënnungsmember a President vum Biisser Kannergesank, deen hiën vum Joss Ludovicy iwwerholl huet a Member vun der Biisser „Chorale Ste-Cécile“. Vu 1997 un bis zu sengem Doud sollt hiën awer als Titularorganist vun eiser Kierch der chrëschtlecher Communautéit wäertvoll Déngschter leeschten. Bei alle Gottesdéngschter war hiën do (wat fir de Paschtouer einfach war), egal wéini an zu wat fir enger Zäit. Sollt hiën awer mol verhënnert gewierscht sinn, huet hiën och selwer fir een Ersatzorganist gesuergt (an huet dem Parsekretariat vill Zäit gespuert). De Jean-Marie huet sech och agesaat, fir den Entretien vun eiser historescher Müller-Uergel. An ab 2010, wéi d'Kapell um Wobierg eng Päifenuergel kritt huet als Erënnerung vun de verstuerwenenen Kathedralsorganist Carlo Hommel, huet hiën och do den Déngscht als Titularorganist iwwerholl. Déi chrëschtlech Communautéit vu Biissen ass him zudéifst dankbar fir dëse wäertvollen Déngscht a seet him villmols Merci. Hiën hannerléisst op der Uergel ee riesegt Lach, well et ass hauzudags schwéier, esou Plazen ze besetzen. Adieu (à Dieu) Jean-Marie, mir gesinn eis!

D'PAR „ÄISCHDALL-HELPERT ST-WILLIBRORD“
ZESUMMEN MAT HIEREM PASCHTOUER
AN DER GANZER PASTORALEKIPP

trauert ëm de

Jean-Marie BOCK

Titularorganist vun der Biisser Kierch an der Wobiergskapell

deen am Alter vu 47 Joer plötzlech vun eis gaangen ass.

Während siiwenanzwanzeg Joer war de Jean-Marie Titularorganist vun der historescher Müller-Uergel an eiser Kierch, an zanter véierzeng Joer och vun der Westenfelder-Uergel an der Wobiergskapell. Keng Stonn war him ze fréi oder ze spéit, fir eis chrëschtlech Communautéit vu Biissen mat sengem Talent a mat sengem liturgësche Wëssen bei de Gottesdéngschter ze erfreeën, a sech fir d'Uergelmusek an eiser Uertschaft ze engagéieren.

Déi Biisser chrëschtlech Communautéit trauert ëm hieren Organist a verléiert ee wichtege Pilier am kierchleche Liewen. An der Hoffnung op een Erëmgesinn vertraue mer hiën dem Härgott un, deem hië mat sengem Uergelspill gedéngt huet.

Der Famill an der Trauer drécke mer eist chrëschtlecht Bäileed aus.

St. Willibrord
Äischdall-
Helpert

https://cathol.lu/aischdall-helpert

Op eiser Homepage fannt Dir ëmmer déi aktuellst Neiegkeeten aus eiser Par!

Pompes Funèbres
Bous-Goergen
Bestattungen
Succ.: Sandra et Guy Bous
Mir bleiwen weiderhin am Service fir Iech!

- Incinération sans adhésion à une association
- Transport national et international
- Formalités et démarches
- Incinérations et cerceuils
- Fleurs et accessoires

20, Esplanade L-9227 DIEKIRCH
T.: 26 87 60 53
GSM: 621 131 672 / 621 753 209

50, Grand-Rue L-8510 REDANGE
T.: 23 62 10 67
GSM: 621 186 530 / 621 131 672

s.bous.pf@gmail.com

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

Art et Pierres - Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc...), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT

CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70, Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

www.sopiconcept.lu

El Payador

RESTAURANT SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu

Restaurant-Brasserie
Am Hennesbau
15 c rue de la Fail
L-9175 Niederfeulen
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

Hélène Grober

Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION

NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN

MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente

EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.

Tél.: 40 97 90

Autres projets en vente ou à venir* :
BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)
LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)

... et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT

Wagner

pompes funèbres

Tél : 32 92 27 (24/24)

- Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
- Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
- Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
- Transports nationaux et internationaux
- Incinération sans adhérence à une société
- Fleurs et accessoires

45, rue Principale

L-7595 Reckange/Mersch

pfwagner@pt.lu

Au service des défunts et de leurs familles en deuil

24/24 heures pendant toute l'année